

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.-** Très bien.

■ **M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt hei ass passionant, mä streckeweis och gênant, well ee sech, wann een eisen Alter huet, vläicht soll hidden en ongnädege Bléck op d'Geschicht ze geheien. Well zu der historiescher Wourecht gehéiert och, dass dat Gesetz, wat mer haut zu Recht ofschafen, net nëmmen en unilateraalt Gesetz war, mä eent wat wollt soen, dass kee Lëtzebuerger, a keen deen zu Lëtzebuerg géif wunnen, dierft a Spuenien kämpfen, ouni ze preziséieren ëm wat fir eng Säit et sech dobäi gehandelt huet.

Et war verbuede Waffen a Spuenien ze droe fir e Lëtzebuerger, an dat ass geschitt opgrond vun enger Konventioun, déi vun der internationaler Net-Interventiounskommissioun vu London un all europäesch Regierungen erausgaangen ass an déi vun all eisen Nopeschlänner a quasi identeschen Termen zu Gesetzer gemaach ginn ass, ouni dass och nëmmen eent vun deene Länner déi Gesetzgebung zrëckgehooll hätt, nodeem déi Événementer, vun deene mer schwätzen, fir déi déi ëmmer schonn alles richtig gesinn hunn, kloer ausgaange waren, an déi, déi eréischt méi spéit sech de richtige Bléck fir d'Saachen eruewert hatten, dat och kloer gesinn hunn.

Ech hunn net a Virbereedung vun dëser Debatt, mä a Virbereedung vun enger Debatt, déi mer 1998 hatten, wéi de Kollege Mars Di Bartolomeo mech eng éischte Kéier op d'Noutwendegkeet vun enger Modifikatioun vun eiser Législatioun ugeschwat huet, an a Virbereedung vun enger Äntwert op e Bréif vum Minister Bodry vum 1. Juli 1999, mech eng éischte Kéier méi intensiv mat de parlamentareschen Debatten a Viraarbechten zu dësem Gesetz beschäftegt, an dofir wonneren ech mech iwwer munch séiere Saz, deen hei geschwat gëtt, manifestement ouni déi parlamentaresch Virbereedungsarbechten, déi zu dëser Législatioun 1937 gefouert hatten, kënne vollëmfänglech ze wärdengen.

Dobäi ass dat wat mer hei maachen ongewéinlech an einfach zugläich. Et gëtt keng legal oder gesetzestechesch Noutwendegkeet, dat Gesetz hei ofzeschaffen. Et ass e Gesetz, wann et eent gëtt, wat an Désuétude gefall ass an no allgemenger Rechtsdoktrin net méi besteet, dann ass et dat heiten. Dofir hunn och anerer et wahrscheinlech net ofgeschaaft. Mä et gëtt awer eng gutt Ursaach, wann ee Land no engem Wee sicht, eppes ze expriméieren, wat et onzweedeiteg haut emfënnt, fir dat Gesetz ofzeschaffen, well dat eigentlech ee legislativen Akt ass, deen iwwerhaapt keng normativ Gewalt ausléist, mä eigentlech zum Ausdrock soll bréngen, dass dëst Land, doduerch dass säi Gesetzgeber dat Zréckzéie vun deem Gesetz vun 1937 stëmmt, deene Leit, déi mer Spueniekämpfer nennen an déi e gewaltege Mythos ëmgëtt, eng Aura ëmgëtt, an eng Atmosphär déagagéiert gëtt, fir déi mer, mengen ech, alleguerten empfänglech waren an empfänglech sinn, fir deene Leit eis Unerkennung ze soen.

Dat hate mer och scho gutt gespuert 1999, 2000, wéi mer zesummen decidéiert hunn deene Spueniekämpfer, déi deemools nach all gelieft hunn, déi dräi, wëll ech soen, et ass leider een dovun gestuerwen, an den nationalen Ordren ze zitieren, wat mat fuerchtbare Problemer verbounne war, well déi Orden, an déi ech dem Grand-Duc proposéiert hu se ze zitieren,

waren net virgesi fir Leit, déi kategoriell net vun eiser Gesetzesgebung iwwert d'national Uerde konnten adequat behandelt ginn. Dofir huet laang d'Meenung bestanen, dass se eng militär Médail misste kréien, mä d'Sagesse och vu fréieren Arméiministernen huet mech dovun ofgehalet fir dat ze maachen an een anere Wee ze sichen.

Wat mer zum Ausdrock bréngen eigentlech als Jonker, déi sech sollen zrëckhale mat vireilege Beuerteelunge vun der Epouque, dat ass dass awer d'Beuerteelung vun deene Leit, ëm déi et hei geet, eng ass déi keng Fragezeiche verdingt, well et ouni all Zweifel esou ass, dass se, mat deem Pressentiment iwwregens wat d'Aarbechter vun den 30er Joren am Süde ganz oft ausgezeechent huet, guut gespuert hunn, gericht a gefillt hunn, dass eppes amgaange wär ze geschéien, wou se Positioun missten ergräifen a wou se hire Mann misst stellen, a sech dobäi eben net un deem gestéiert hunn, wat d'lëtzebuergesch Befindlechkeet vum Moment war, dat heescht déi immerwährend Neutralitéit, wéi den däitsche Verfassungstext zu Lëtzebuerg deemools gesot huet. Déi hat net laang ugedauert nom Spueniekrich, an déi, déi sech op déi richtig Säit geschloen hunn am Spueniekrich, hatten dat guut gesinn, dass Pabeier net zielt wann et ëm quasi helleg Iwwerzeegunge geet, fir déi déi Leit agetruede sinn, an dofir ass dat wat mir hei maache richtig, a richtig ass et och dass mer se net gläichsetze mat deene Leit, déi opgrond vum Gesetz vun 1967 probéiert hu Recht ze kréien, net well ech dat net iergendwéi awer géif esou gesinn, do sinn ech an deem, wat den Alex Bodry gesot huet, ganz no, mä well een einfach och muss verstoen, dass déi Leit, déi individuell e Resistenzakt gesat hunn nom 10. Mee 1940, dat aus patriotischen an aus nationale Grënn gemaach hunn, an déi Spueniekämpfer aner Mobiler hatten.

Ech halen déi eng fir esou wichteg wéi déi aner, fir dass mer do net am Rout-Wäiss-Bloen hei ënnerginn, mä ech muss awer d'Sensibilitéit vun deene Leit verstoen, déi ënnert deem Gesetz leien, an déi fannen, dat wär eng Gesetzgebung fir si, dat ännert awer näischt drun, dass mer sollen, wéi ech hoffen, an der Unanimitéit dat Gesetz vun 1937 ofruffen, an domat daitlech maachen, wat mer eis iwwert déi Virgäng vun deemools zesummen denken a wéi mer d'Handele vun deene Leit gesinn, déi sech iwwert dat Gesetz zu Recht, wéi een da muss soen, ewech gesat hunn.

Déi national Operatioun, déi mer hei virhuelen, wär schrecklech méi crédibel gewiescht, wa se um Enn vun de 40er Jore vun deenen durchgefuert gi wär, déi d'Gesetz vun 1937 gestëmmt oder bekämpft hunn, mä nodeem se aus dem Krich erëm komm sinn, mengen ech, hate se aner Suergen. Well mer net net déiselwecht Suergen hu wéi si, solle mir hir Aarbecht haut fäerdeg maachen.

Merci.

■ **M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschlooss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vun der Proposition de loi 4609 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugehooll.

Mir maachen de Vote vun der Proposition de loi 4609.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalen sech.

D'Proposition de loi 4609 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehooll.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt,

M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger (par M. Paul Helminger), Marco Schroell (par Mme Simone Beissel), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5003 iwwert den Institut viti-vinicole. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Scheuer, Belling a Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nicolas Strotz.

3. 5003 - Projet de loi portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

■ **M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5003 portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole ass den 1. August 2002 an der Chamber déposéiert ginn. Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech eng éischte Kéier den 12. September 2002 domat befaasst an huet mech als Rapporteur désignéiert.

Den 13. Dezember 2002 huet d'Chambre des Fonctionnaires hiren Avis ofginn. Den Avis vum Statsrot long de 25. Februar 2003 vir, während d'Chambre de l'Agriculture eréischt den 12. Juni 2003 hiren Avis ofginn huet.

De Projet de loi an déi entspreichend Avisé sinn den 18., respektiv de 24. Juni analyséiert ginn. An der Sitzung vum 24. Juni ass vun der Kommissioun en Amendement formuléiert ginn, deen un de Statsrot geschéckt ass ginn, dobäi long eng Demande fir dass de Statsrot sollt eng Opposition formelle iwwerdenken.

Den Avis complémentaire vum Statsrot, dee sech mam Amendement d'accord erkläert huet a seng Opposition formelle opgehuewen huet, long den 10. Juli vir, an den 11. Juli ass de schrëftleche Rapport ugehooll ginn, dee mer haut dann elo hei am Plenum diskutéieren.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Et ass an der Kommissioun vun eenzelne Spriecher gemengt ginn, de Projet géif, well de Rapport kuerzfristeg virgeluecht ginn ass, iwwert de Knéi gebrach. Deem ass net esou. Schliesslech ass vum Dépôt bis haut quasi e Joer verstrach, an och wann eenzel Rapporten op sech waarde gelooss hunn, hat jiddfereen Zäit genuch fir sech mat der Problematik ze befaassen.

Wa mer als Majoritéitsfraktioun drop gehalen hunn, dass de Projet nach virun der Vakanz op den Ordre du jour vun enger Sitzung sollt kommen, dann aus der Tatsaach eraus, dass gewëssen Urgencé bestinn.

Éischtens well duerch de Projet d'Personal vun der Marque nationale an de Personalkader vum Wäibauinstitut iwwerholl gëtt. Domadden ënnerleien d'Personalkäschten dem Stat, an net méi dem Fonds viticole, deen domat zousätzlech Moyaenë behält fir d'Promotioun vum Wäin am Kader vun der neier Commission pour la propagande des vins et des crémants verstärkt virun ze driewen, an zweetens well an dësem Projet eenzel Carriären ugepasst ginn, an domat fir deen een oder aneren eng laang iwwerfällig kleng Gehaltsopbesserung an d'Haus steet, an déi een engem net soll virenthalen, oder ass een heibannen anerer Meenung? Da soll en dat hei soen.

Global gesi muss een awer soen, dass dëst Gesetz net dozou dëngt hei Bonbonen un d'Personal auszedeelen oder d'Verwaltung opzebuschen, neen. Et geet hei drëm der Verwaltung vum Wäibauinstitut endlech eng geregelt Personalstruktur ze ginn, fir dass den Institut op eng adequat Aart a Weis senge Missiounen, esouwuel um nationale wéi um europäesche Plang, gerecht gi kann. Dës Missiounen vum Wäibauinstitut ze preziséieren an ze complétéieren ass dann och den Haaptvolet vun dësem Gesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Gesetz vum 23. Juli 1925 ass d'Wäibaustatioun an d'Liewe geruff ginn. Den Text huet quasi aus engem Artikel bestanen, wou dra stong: „le Gouvernement est autorisé à établir une station viticole, appelée à s'occuper de toutes les questions intéressant le domaine de la viticulture“. D'Wäibaustatioun ass deemools aus der Nout eraus gebuer ginn. Well nom Eischte Weltkrich den Zollveräin mat Däitschland gekënnegt ass ginn, war den Ofsaz vum Wäi méi wéi a Fro gestallt. Nei Mäert, besonnesch an der Belsch, hu misen erschloss ginn. D'Ofsazproblemer hatten als Konsequenz, dass d'Genossenschaftskellereie gegrënt gi sinn.

D'Rieflaus huet och déi Zäit esou gewuchert op der Musel, dass grouss Deeler vum Wéngertsareal nei ugeplant hu misse ginn. Dëst hat niewent grouss Verloschter fir d'Wënzer och seng gutt Säiten, well et war d'Geburtsstonn vun de Qualitéitsdrauwenzorten op der Musel, esou wéi mer se haut kennen. Si waren op amerikanesche Rieflausfestënnerlage geprafft.

D'Schafung vun der Wäibaustatioun, déi och d'Versuchsanlage vu Wuermer a Gréiwemaacher verwalt huet, war opgrond vun den deemolege katastrophalen Émstänn méi wéi berechtigt, jo noutwendeg.

1963 sinn d'Missiounen vun der Wäibaustatioun duerch en neit Gesetz definéiert ginn, an et ass e Personalkader geschafe ginn.

1976 gouf duerch Gesetz aus der Wäibaustatioun den Institut viti-vinicole. D'Missiounen sinn erweidert ginn, besonnesch wat d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven am Kader vun der gemeinsamer Wäibaupolitik ugeet an den Institut krut d'Missioun Formatiouns- a Weiterbildungscoursen ze organiséieren. Dräi Sektione si geschafe ginn an de Personalka-

der ass deemools och erweidert ginn. Zweek Ingenieurstellen, Expéditionnaires a Surveillanté koume bäi.

De Gesetzesprojet vun haut baséiert sech op d'Gesetz vun 1976. Et gëtt ugepasst an ausgebaut, fir dass den Institut den neien Erausfuederunge ka gerecht ginn. Ze bemierken ass, dass déi vum Statsrot a sengem Avis proposéiert Textännerunge vun eenzelnen Articleke vum der Kommissioun iwwerholl si ginn. Am Artikel 1 ginn d'Attributiounen par rapport zu 1976 erweidert. D'Notioun vun der Applikatioun vun ëmweltschounende Methoden ass am éischten Tired vum Artikel 1 dobäi komm.

Ech wëll hei eng Klammer opmaachen, fir ze soen dass ee muss wëssen, dass an deem Beräich de Wënzer elo scho grouss Efforte mécht, zum Beispill bei der Bekämpfung vun den Insektiziden. Dëst gëtt e gutt Stéck méi deier, mä leider loossen déi versprache Subventiounen, Här Minister, heiansdo ze vill laang op sech waarden.

Am Tired D kënnt d'Kontroll vun der Emsetzung vun den europäeschen Direktive mat dobäi. D'Tireten H an I vum Artikel 1 ginn op Avis vum Statsrot an en eenzegen Artikel zesumme gefaasst. En operleert dem Institut d'Missioun fir déi alljährlech Statistiken an, op Demande vum Minister, Etuden iwwert déi wirtschaftlech a sozial Situatioun am Wäibau ze erstellen.

Eng wichteg Neierung ass, dass déi ganz Organisatioun a Gestiou vun der Marque nationale mat an d'Attributioun vum Wäibauinstitut erakënt, wat de Fonds viticole wesentlech administrativ a besonnesch finanziell entlaascht, wourobber ech scho kuerz agaange sinn.

Des Weidere kann de Minister den Institut mat all anere Problemer am Beräich vun der Viticulture an der Oenologie befaassen. Fir méi Detailler iwwert d'Attributiounen verweisen ech op den detailléierten Exposé des motifs vum Projet de loi.

Huet den Institut och schonn an der Vergaangenheet Moscht- a Wäinanalysen am Interesse vum Wënzer gemaach, esou fixéiert den Artikel 2 vum neie Gesetz genoe d'Roll vum Laboratoire. Esou mécht hien net nëmmen Analysen, mä e beréit och de Wënzer während dem Verlaf vun dem Vinificationsprozess. D'Analyse si gratis bei der Moschtanalys a bei de Wäiner, déi ugestallt gi fir d'Marque nationale. D'Modalitéiten an d'Taxé fir aner Prouwe ginn iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht.

Den Artikel 3 bezitt sech op d'Ausbildung an d>Weiderbildung. Säit 1925 gehéiert d'Formatioun zu de Missiounen vum Institut. Bedéngt duerch den technesche Fortschrétt, de spezifeschen Emweltooploen an esou virun ass et onëmgänglech, dass Ausbildungs- a Weiterbildungscoursen ugebue- de ginn. Dëst war a bleift eng Attributioun vum Institut, dat an Zesummenaarbecht mat dem Ministère de l'Education nationale. Och soll menger Meenung no d'Chambre de l'Agriculture mat agebonne ginn, déi laut Agrargesetz am Beräich vun der Vulgarisatioun eng Responsabilitéit huet.

Hei wëll ech och eng Klammer opmaachen an e Wuert zu engem Deelaspekt vum Avis vun der Chambre de l'Agriculture soen, deen och Bezuch huet op d'Aus- a Weiderbildung. D'Iddi fir de Spezifisitéit vum de Produits du terroir an der Zukunft méi eng grouss Bedeutung zoukommen ze loossen, schéngt mir e Wee an déi richtig Direktioun ze sinn. Mir müssen net all Trend vun der Gläichmacherei nomaachen, mä mir musse versichen d'Eegenaart vun eise Wäiner méi staark ervirzepräichen. Dofir muss menger Meenung no och de Volet vum Wäibau, wou et drëms geet den typesche Charakter vun Lëtzebuerg Wäin ze halen, weider ausgebaut a propagéiert ginn

a muss och Afloss fannen an d'Beräicher vun Ausbildung a Weierbildung. D'Berodung muss sech och op d'Aarbechten am Wéngert bezéien. Steet déi Notion vum Terroir och net direkt am Projet de loi, esou dierft et awer kee Problem sinn opgrond vun de virgesinnen Texter vum Projet de loi där Notioun Rechnung ze droen.

De Wäibauinstitut wäert an der Zukunft laut Artikel 4 net nëmme wéi bis elo dräi, mä fënnf Sektione begräifen. Eng fir d'Viticulture proprement dite mat dem Entretien vun de Versuchswéngerten, eng fir d'Oenologie an d'Vinificatiounsmethoden, eng fir d'Iwwerwaachung an d'Kontroll vun de legale Prescriptions a Reglementatiounen. Nei dobäi kommen eng Sektion fir d'Elaboratioun an d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven am Zesummenhank mat der Politique agricole commune, an eng Sektion vun der Marque nationale. Si all schaffen ënnert der Leedung a Responsabilitéit vum Direktor.

D'Artikele 5, 6, 7 an 8 regelen d'Personalstruktur, déi en neien Opbau kritt. Si sinn esou opgebaut, dass se den allgemeine Bestëmmung vum der Fonctioun publique entsprechen. Den Artikel 5 fixéiert de Kader vum Personal an deene verschiddene Carriären. Den Artikel 6 fixéiert d'Konditiounen, déi een erfëlle muss fir an deenen eenzelne Carriären agestallt kënnen ze ginn. Den Artikel 7 ännert d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Regime vun de Statsbeamten ëm, an zwar esou dass déi zwee Gesetzter an Aklang matenee sinn.

D'Chambre des Fonctionnaires huet eng Rei Textännerunge betreffend d'Artikele 5 bis 8 proposéiert, déi vum Statsrot iwwerholl goufen an déi och eis Kommissioun sech zu eege gemaach huet.

Bemierke muss ech, dass de Personalopbau vun initiale Gesetzes-text de Propositione vum Ministère de la Fonction publique entsprach huet. Ze bemierken ass, dass den Direktor vum Grad 15 an de Grad 16 kënnt. All Ingenieur beim Stat kënnt weinstens an de Grad 16, esou dass dëst enger méi wéi normaler Upassung entsprécht. Dat huet guer keen Afloss och op dee jëtzege Direkter, dee schonn am Grad 16 war ier en op dee Posten do genannt gouf. Vu dass vill aner Direktore beim Stat am Grad 17 respektiv 18 sinn, hätt ee sech kënnen iwwerleeën, ob den Direkter vum Institut net och an de Grad 17 anzeklasséiere gëtt wär. Wat net ass, ka vläicht bei der nächster allgemenger Reform vun dem Regime vun de Statsbeamte geschéien.

Den Artikel 8 gesäit fir eenzel Beamten eng nei Aklässierung vir. Esou kënnt de Beamten aus der jëtzege Carrière vum Assistant viticole an déi nei Carrière vum Assistant viticole, déi gläich gestallt gëtt mat der Carrière vum Laborantin. Am initiale Projet hat d'Fonction publique sech deem widdersat.

M. le Président.- Här Strotz, ech wollt lech drop hiweisen, dass Är Zäit als Rapporteur elo ofgelaf ass an dass Der dann och zum Schluss sollt kommen.

M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.- Dir sidd ganz streng mat mir, Här President. Vu dass mer keen offizielle Spriecher hunn, Här President, bieten ech lech mer zwou Minutte bäi ze ginn.

Déi véier Employés privés aus der Marque nationale kommen an de Regime vum Employé de l'Etat. Hei hu mer eis d'Fro gestallt, ob een déi net hätt kënnen fonctionnariséieren, mä hei war d'Fonction publique dogéint weinst dem Prinzip vun der Gläichbehandlung mat de Fonctionnaires, déi sech enger Rei Examen musse stellen. Op Urode vun der Kommissioun huet de Statsrot am Artikel 8 (3) op seng Opposition formelle verzicht, esou

dass e Beamten aus der Carrière B1 fonctionnariséiert ka ginn, ouni sech brauchen engem Examen ze stellen, an zwar weinst senger iwwer 30-jährger Erfahrung am Beruff a weinst der Gläichbehandlung mat ähnlech gelagerte Fäll.

Laut am Artikel 8 (4) arrétéierte Konditiounen kann en Aarbechter aus dem Laboratoire, deen déi Konditiounen erfëllt, an d'Expéditionnairescarrière eriiwwer wiessele.

Här President, dës Reforme schaffen duerch déi virgesinnen Emänerungen eng Verwaltungsstruktur, déi et erlaabt an der Zukunft méi en administrativ geregelten Oflaf am Wäibauinstitut ze garantéieren.

Nach e Wuert zum Avis vum Statsrot. Als Kommissioun ware mer net dem Statsrot senger Meenung, fir mat dësem Gesetz eng Reform duerchzezéien, wéi se an der Pricewaterhouse-Etüd ugedeit war ginn. Éischtens well dat net de But vun dësem Gesetz ass an zweetens well d'Meeschterstéck vun där Etüd, an zwar d'Schafung vun engem Comité interprofessionnel des vins du Luxembourg als Zentralorgan vun deem neie Gesetz weinst dem Désaccord vum Beruff net zustane konnt kommen. Dëst ass wierklech ze bedauern, ass awer fir de Moment net ze änneren.

Desto trotz sinn à la suite vun der Etüd Pricewaterhouse eng ganz Rei Mesurë säits dem Ministère en accord mat dem Beruff ëmgesat ginn. Ech zielen der e puer a Stéchwierderform op. Eng Reform vun der Marque nationale; d'Erneuerung vum Equipement am Laboratoire mam Zil fir méi séier a méi genee Analyse kënnen duerch ze zéien a mam Zil fir den Agrément am Kader vun der Liegensmëttelkontroll aus der EU-Direktiv ze kréien; Schafung mat ganz vill perséinlech Asaz vum Här Minister Boden vun enger Commission de promotion, déi am ënnere vum Fonds viticole funktionéiert a wou sämtlech Beruffsvertriedungen dra vertruede sinn. Dës Kommissioun ka menger Meenung no d'Keimzell duerstelle fir an der Zukunft och op aner Gebitter méi enk zesummen ze schaffen. Dann ass d'Schafung vun enger Maison du Vin zu Éinen an Ugrëff geholl ginn. Villes aus der Etüd ass also schonn ëmgesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung dass och dës Projet, esou wéi e konzipéiert ass, e gudden Projet ass, an an deem Sënn géif ech lech bidden de Projet de loi 5003 portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole an der virleiender Form mat grousser Majoritéit ze stëmmen, an am Nimm vun der CSV-Fraktioun ginn ech dowéinst dann och den Accord zu dësem Projet.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech géif dann och dem Här Rapporteur merci soen an ech géif deem éischten ageschriwwene Riedner d'Wuert ginn, dat ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Jos Scheuer (LSAP).- Merci, Här President. Wann een d'Fro stellt wéi et der Lëtzebuerger Musel geet, wann een d'Fro stellt wéi et dem Wénzerverband geet an dem Wénzerstand geet, a generell wéi et dem Wirtschaftssektor Wäibau geet, dann huet een net Zäit genuch fir an dem Kader vun dësem Projet de loi dorop ze äntweren.

D'Conférence des Présidents huet de Modell 1 gewielt. Firwat? Well de Modell 1 duergeet, fir der Envergere vun dësem Gesetz gerecht ze ginn, well dat Gesetz wat hei deponéiert ass, ass en technesch administratiivt Gesetz an net méi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Jore ware global

gekuckt gutt Wäijoren, d'Qualitéit vun den Drauwe war gutt, den Hargott huet matgespillt dobäi, kleng Katastrophe konnten opgefaange ginn, d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Wäin war, an dat ass indiscutabel, nach ni sou gutt wéi bis elo, d'Kompetenzen am Ausbau vu Crémant a stëlle Wäiner sinn excellent zu Lëtzebuerger, an d'Resultater op de Concoursë beleeden dat.

Wat huet de Lëtzebuerger Stat dozou bäigedroen? Dat ass d'Fro. Éischt Äntwert: All Agrargesetzter hu sech positiv ausgewierkt op d'Investissementen, och am Wäibausektor. Zweet Constatation: Déi puer Reglementer, déi mer geholl hunn, si positiv Reglementer gewiescht, ouni Zweifel, mä niewent dem Agräife vum Stat an niewent deem wat mir hei bestëmmt hunn, oder wat d'Regierung bestëmmt huet, hu mer ze doe mat engem Beruffsstand, dee wierklech aktiv ass, an e Beruffsstand deen op seng Selbststännegkeet besteet an déi och verteidegt. An ech ginn lech ee Beispill, just fir ze beleee wéi dee Beruffsstand méi wäit geet wéi dat wat de Législateur virschreift. Mir haten den Hektarhöchstertag festgeluecht vun 10-12 Fudder um Hektar, wann ee bestëmmt Wäiner hëlt. Kuckt emol no, wéi vill Wénzer nach un deen doten Hektarhöchstertag kommen, wéi déi Wäiner, déi mer presentéieren an déi déi jo wannen an de Concoursen, wéi wäit d'Récolten ënnert deem Hektarhöchstertag leien.

A Wierklechkeet gëtt déi Réglementation wäit ënnerschritt, bewosst am Intérêt vun der Qualitéit. Dat ass symptomatesch. De Wénzer ass zu engem Entrepreneur ginn an de Wénzer besteet drop en Entrepreneur ze sinn, ob dat de Privatwénzer ass oder ob dat och de Genossenschaftswénzer ass, dee par délégation datselwecht muss maache wéi de Privatwénzer. De Wénzer huet eng direkt Verbindung zum Produkt an en ass houfreg op dës Statut.

Problemer ginn et op der Lëtzebuerger Musel am Beräich vum Marketing an am Beräich vun der Promotioun. An ech behaupten et an ech widderhuelen et, ech hunn et ëmmer gesot, et gëtt kee Konzept fir Marketing a Promotioun ënnert een Hutt ze bréngen, an dobäi sinn dat déi existenziell Problemer vun der Lëtzebuerger Musel, an enger Zäit wou den Drock vum Import, vun Importprodukter op de Lëtzebuerger Maart ëmmer méi grouss gëtt, an zu Akommesverloschter féiere kann, an effektiv och scho féiert.

D'Roll vun der Wäibaustation op der Lëtzebuerger Musel am Lëtzebuerger Wäibau ass net héich genuch anzuschätzen an deem ganze Komplex, deen de Lëtzebuerger Wäibau eben duerstellt. De Rapporteur huet a sengem gudden Rapport, fir deen ech em félicitéieren, och déi zéng Objektiv duergestallt, déi de Lëtzebuerger Wäibauinstitut huet, a wou en dran aktiv muss ginn. Wann ee bei déi zéng Objektiv vun dem Wäibauinstitut och nach déi vun der Marque nationale derbäi fëgt, déi se well huet an déi se soll kréien, da kënnt ee licht op dat duebelt.

Ech behaupten, datt nëmmen e staarken Institut viti-vinicole d'Gestaltung an de Fortbestand, den Ausbau an d'Zukunftsperspektive vum Lëtzebuerger Wäibau garantéiere kann.

An da stellt sech d'Fro: Dréit dee Projet de loi, dee bewosst administrativ an technesch Allure huet, dësen Uspréich Rechnung? Fir mech neen. An ech leien do op der Linn vum Statsrot, an ech leien och op der Linn vum Avis vun der Chambre d'Agriculture. A wéi ee roude Fuedem zéit sech duerch d'Texter d'Bedauern, datt dës

Projet de loi eben net d'Propositione vun der Etüd Pricewaterhouse mat verschafft. An et gëtt iwwerdäitlech vum Statsrot gesot, an ech wollt lech awer trotzdem deen Text virlesen, well et a mengen Aen awer dee Saz ass, deen dee Projet de loi an d'Wäibaupolitik era placéiert: «Or l'exposé des motifs ne fait qu'effleurer un projet de réorganisation de la Marque nationale qui fera suite au remaniement ponctuel des méthodes d'évaluation de la marque intervenues en 2000, mais reste muet sur les problèmes évoqués dans l'étude ainsi sur les remèdes à y apporter. Le Conseil d'Etat doute que les modifications qu'il est proposé de retenir pour le statut du personnel concerné ne change quoique ce soit à cette situation du moins confortable pour l'appellation d'origine du vin de la Moselle luxembourgeoise.» An da seet e weider op Sait 2: «Le Conseil d'Etat aurait souhaité que le Gouvernement eût placé le projet sous examen dans le cadre d'un concept global sur l'avenir du secteur viticole, fondé sur les conclusions de l'étude, à moins d'expliquer pourquoi les recommandations du consultant n'ont pas été suivies.»

Méi kritisches kann ee mam Fong vun deem Projet de loi net ëmgoen. Firwat war et net de But vun deem Projet de loi, firwat net méi Courage weisen, firwat net déi Cellule étatique spécialisée emol oudenken, déi gefrot gëtt? An der Pricewaterhouse-Etüd heescht dat Cellule étatique spécialisée, wou den heitegen Institut viti-vinicole soll dra goen.

Hei dra steet et. Herno kritt Der se.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Ech hu gemengt de Beruff soll der Pricewaterhouse-Etüd no alles maachen, a keng staatlech Cellule! Dir schwätzt ëmmer vun der staatlecher Cellule.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Neen, neen. Et ginn zwee Elementer an der Pricewaterhouse-Etüd déi parallel sollen an d'Wee geleet ginn. Dat eent ass de Comité interprofessionnel, dat ass de Beruff, an do geet een Deel vun deem wat den IVV well duerstellt mat eriiwwer, an en aneren Deel geet dann eriiwwer an déi sougenannt Cellule étatique spécialisée. Dat sinn déi Organigrammen, sou wéi ech dat...

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- D'Cellule étatique spécialisée sollt geschwächt ginn, den IVV sollt geschwächt ginn, no der Etüd Pricewaterhouse.

(Interruption)

Mä dat dote steet awer dran. Dat steet manifestement dran.

Dir muss lech kloer ginn. Wat hätt Der gären? De Beruff soll méi staark ginn oder de Stat soll méi staark ginn?

M. Jos Scheuer (LSAP).- D'Reorganisatioun vun deem ganze Secteur verlaangt, datt een Deel vun deem wat den IVV ewell mécht vum Beruff sollt gemaach ginn. Dat war also Liberaliséierung déi gefrot war an op där anerer Sait eng Konzentréierung vun deem, wat de Stat mécht. Mä mir hunn dat ni duerch diskutéiert, Här Minister.

Neen, mir hunn dat ni duerch diskutéiert. Dat war esou eng oberflächlech Diskussioun, déi mer hei gefouert hunn.

Den éischten Objektif un der Etüd war eben e Gesamtkonzept fir de Lëtzebuerger Wäibau ze proposéieren, an dee Konzept deen do proposéiert ginn ass, dee wëllt d'Regierung net, se beschränkt sech - et ass dat wat den Här Strotz gesot huet - op zwee Punkten. Éischtens d'Präziséierung vun dem IVV senger Missiounen an zweetens eng Kaderreform ze maachen, iwwert déi ech ganz kuerz - awer nëmme kuerz - wëll schwätzen.

Ech bedauern déi Approche vun der Regierung. D'Regierung huet och - esou hunn ech emol d'Impressioun - schonn e schlecht Gewëssen, well ech hunn nach selten eng Note gelies, wou d'Scheitere vum Comité interprofessionnel esou bedauert gëtt wéi dat an der Note vun der Regierung de Fall ass, a wou gesot gëtt, deen „désaccord entre les opérateurs professionnels concernés“, dowéinst ass dat esou. Ech bedauern, dass dat einfach esou hiegholl gëtt.

(Interruption)

Ech kann lech meng Konklusioun doraus soen. Duerch deen heite Projet de loi ass deen anere Projet gestuerwen. Déi Propos ass dout domadder. Dir kënnt dat awer widerleeën.

Ech bedauern dat. Fir mech ass dat heiten e Constat d'échec. Et ass eng resignativ Approche vun der Regierung vis-à-vis vun enger Etüd, déi vill Geld kascht huet, an déi net esou verschafft gëtt, wéi se misst verschafft ginn. Ech sinn och der Meenung, dass dee Comité de promotion net dat eenzeg Resultat vun allen Diskussiounen a vun alle Streidereien dierf sinn. Et kann nëmmen e Wee sinn, et kann nëmmen eng Etapp sinn zu enger aner, zu enger besserer Organisatioun. D'Politik ass gefuerdert!

M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.- Entweder hutt Dir d'Etüd gelies oder Dir hutt se net gelies. Wann Der se gelies hutt, dann hutt Der festgestallt, dass scho ganz villes draus ëmgesat ass an da kënnt Der dach elo net soen et wär näischt geschitt, dat ass einfach net éierlech.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech behaapte jo net, dass näischt geschitt ass. Ech soen, dass eppes Wesentleches, datt de Fong net realiséiert gëtt. D'Politik ass gefuerdert.

(Interruptions)

Gewënscht ass vu mir vill méi Präsenz vum Ministère, vill méi Präsenz vum Institut viti-vinicole an deene Beräicher, wou en net present ass. Dat ass am Marketing an an der Promotioun.

De Projet de loi ass a mengen Ae kee Schrëtt fir d'Zukunft vum Lëtzebuerger Wäibau massgeblech ze bestëmmen, e verschlechtert en doudsécher net, e bréngt och eng Verbesserung, mä e bewierkt keng Ännerung vun de bestehende Strukturen, nëmmen eng begrenzte Stärkung. Den IVV wäert an Zukunft an de Lëtzebuerger Wäibau begleeden an deenen zéng Beräicher, déi bekannt sinn. En huet keng nei Attributiounen bäikritt, déi ee sech erwaart hätt.

Dëselwecht Remarque ginn och gemaach vun der Chambre d'Agriculture, déi zum Beispill proposéiert d'Kollaboratioun mat dem Service d'économie rurale et d'agrigestion ze verbessern - ech wollt dat just unhänken -, fir déi wirtschaftlech Problemer vun de Betriber ze cernéieren. Ech hu mer dat erausgeholl, fir ze soen dass do eng nei Dimensioun op den IVV hätt kënnen duerkommen, a souguer wann et dra steet, an deenen allgemenge Sätz, an deenen zéng Propositionen, feelt awer en Hiweis drop, dass dat an nächster Zukunft gemaach gëtt.

Iwwregens schreift d'Chambre d'Agriculture och, dass ee soll am IVV e Wäibauingenieur astellen, amplaz vun engem Önolog. Dat ass ouni Zweifel sënnvoll. Här Minister, firwat net déi zwee astellen, duebel genéit hält besser, well d'Önologue gëtt et an de Betriber en masse an de Beweis ass jo do? Also e Wäibauingenieur wär scho gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 7 vum Projet de loi befaasst sech mat der Adaptatioun vun de Carriären vum Personal. Dat sinn ëmmer delikat Diskussiounen, penibel Diskussiounen. Hei gi bestehend Carriären opge-

schafft, se ginn adaptéiert, an hantert deenen eenzelnen Nimm, Carrièrebezeichnungen, verstoppe sech Persounen. Ech hunn e Plädoyer gehale fir d'Mise en valeur vum Institut viti-vinicole. Ech wär frou gewiescht, wann een eng Fro hätten kënne stellen un de Statssekretär vun der Fonction publique, deen eventuell och zu bestëmmten Nominatiounen an Aklasséierungen eng Äntwert hätten kënne ginn.

Den Institut viti-vinicole ass e staatléchen Institut, wéi vill anerer. E betreit e wichtege Secteur aus der Lëtzebuerger Ekonomie. En ass de Garant fir d'Funktionéiere vum Secteur a seng Attributiounen gi jo am Artikel 1 opgezielt. Deem misst dann och am Tableau vun de Carrière vun deem Institut Rechnung gedroe ginn. Den Direkter vum Institut viti-vinicole ass an de Grad 16 aklasséiert, dat ass de Grad vum Directeur adjoint vun de Bâtiments publics, vun de Steieren an esou weider. Am Grad 17 sinn aklasséiert den Direkter vum Arbeitsamt, den Direkter vum Kadaster, de Commissaire à l'enseignement musical an och nach de Premier conseiller de gouvernement. Am Grad 18 ass den Direkter vun der Douane an den Direkter vun der Santé.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een esou eng wichteg Verwaltung huet wéi den Institut viti-vinicole, da muss een och an der Personalstruktur deem Rechnung droen. Ech sinn der Meinung, ofgesinn dovun, dass ech déi Leit kennen, an dass awer kee mat mir dowéinst geschwat huet, dass dat heiten dat falscht Signal ass. Hei hätten missen en Zeeche gesat ginn an eng Carrière geschaf ginn, déi dee Mann, déi Funktioun, pardon, op déiselwecht Linn setzt wéi aner Statsbeamten, déi net onbedéngt en immens wichtege Secteur économique betreien an dirigéieren, wéi dat den Direkter vum Institut viti-vinicole ze maachen huet.

Mir haten an der Kommissioun kuerz driwwer geschwat. Dunn huet den Här Minister gesot, et wär eng Décisioun vun der Regierung. Wann dat esou ass, da kënne mer naischt änneren, mä da waarde mer awer drop fir eng Erklärung ze kréien.

Ech wollt dorun uschléissend, awer och nëmme ganz kuerz op de Statut vun deene Leit aus der Marque nationale schwätzen ze kommen. Wann, an dat seet och den Avis vun der Chambre d'Agriculture, déi Marque nationale de Garant ass fir d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Wäin an domadder vun deene wichtegsten Elementer am Lëtzebuerger Wäibau, a wann dat och eng staatléche Missioun elo entsteet fir d'Iwwerwaachung vun deem ganze Secteur ze maachen, dann hätten och de Statut vun deene Leit missen deementspreechend geschaf ginn a si hätten net à l'écart vun deem anere Personal vum Institut viti-vinicole dierfe gesat ginn. Dat ass net nëmme onelegant, et wär en Zeeche gewiescht an déi richteg Richtung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schléissen of fir d'LSAP-Fraktioun. Ech liesen lech trotzdeem awer nach vir, wat d'Chambre d'Agriculture seet, an zwar schonn 1994, fir datt dat och eng Trace hannerléisst: «Rappels que la Marque nationale est une organisation purement étatique régie par les législations nationales et européennes.» Dat gëllt fir all Marque-nationalen, also och fir déi vum Lëtzebuerger Wäin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir enthalen eis bei dësem Projet de loi, well mer enttäuscht sinn, esou wéi d'Chambre d'Agriculture, esou wéi de Statsrot, dass d'Regierung mat dësem Gesetz nees d'Geleeënheet verpasst huet eng Emstrukturéierung vun de Verwaltungen a vun den Institutiounen, déi am Wäibausector aktiv sinn, virzehuelen. Do derniewent entsprécht d'Kaderreform och net den Uspréch, déi mir u se stellen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling ageschriwwen. Ech géif dann dem Här Belling och d'Wuert ginn.

M. Jeannot Belling (DP).- Här President, erlaabt mer zu alleréischts dem Rapporteur, dem Néckel Strotz, merci ze soe fir säi mëndlechen, schréfflechen a räsante Rapport, an Dir gesidd, egal wéi rasant dass hien ass, et ass nach net emol duergaange fir dat alles ze soen, wat hie wollt soen.

Dir Dammen an Dir Hären, och dëst Joer stellt de Conseil économique et sociale a sengem Avis iwwert d'Evolution économique sociale et financière du pays zu Recht fest, dass mer zu Lëtzebuerg iwwer héich qualitativ Wäiner verfügen. An deem Avis konnte mer allerdéngs och liesen, dass déi auslännesch Wäiner eng ëmmer méi staark Progressioun op eisem Marché verzeechne kënnen, eng Tatsaach déi allerdéngs längst vun eise Wënzer gewosst ass.

Den Total vun den Exportatiounen vun eise Wäiner läit bei 39% vun eiser Production moyenne vun de leschten zéng Joer, woubäi zum Beispill eisen Auxerois, eise Pinot blanc an eis Rieslingen, déi e premier cru oder e grand premier cru hunn, also déi beschte Wäiner, déi mer produzéieren, nëmme 6,8% vun eisen Exportatiounen ausmaachen. Aus deem Grond ass et effektiv wichteg, dass mer eisem Wäin, an dat ass op dëser Plaz schonn en etlech Mol betount ginn, eng nei Image de marque ginn.

Als Konsequenz vun där Feststellung ass am Abrëll 2002 d'Commission de promotions des vins et crémants de Luxembourg gerénnt ginn. Déi Kommissioun soll et fäerdeg bréngen, dass sech eis Wäiner um nationalen an internationale Marché besser positionéieren kënnen.

Eng besser Rentabilitéit vun eise Produkter soll erreecht ginn. Et ass ganz kloer, dass mir d'Ambitioun müssen hunn, a bei der Qualitéit vun eise Wäiner ass dat och ganz berechtigt, dass de Wäibausector ee vun deene Secteure mat Zukunft an eisem Land ass.

De Lëtzebuerger Wäin huet u Qualität gewonnen, well d'Wënzer an deene leschte Joren Initiative geholl hunn, déi vielfälteg sinn an hir Friichte gedroen hunn. Qualitativ besser Riefzorten - dat ass op dëser Plaz scho viru kuerzem gesot ginn -, nei Vinifikationstechniken, d'Limitatioun vum Rendement pro Hektar, eng besser Flegel vun de Wängerten an domat och vun den Drauwen, hunn zu enger besserer Qualitéit vum Wäin an zu enger Diversificatioun vun der Offer gefouert, déi den Exigence vun Konsument entsprechen.

Bei deem Ganzen dierfe mer selbstverständlech net eis Crémant vergiessen, a virun allem d'Efforten, déi gemaach gi sinn, fir d'Appellation „Crémant de Luxembourg“ ze schafen. Déi Ustrengungen hu sech um technesch Equipement vun de Kellereie bis zum Marketingkonzept erstreckt. Domadder hu mir et fäerdeg bruecht nei Clienten hei zu Lëtzebuerg sou ze soen u Land ze zéien.

Wa mer dann elo vun den Exigence vun Konsument schwätzen, da si mer eis jo eens, dass et just den Institut viti-vinicole ass, deen do eng wichteg Roll spillt. Engersäits well den IVV an deene leschte Jore mat modernstem Material fir Laboen ausgerüst ginn ass an och héich qualifizéiert Ingenieuren agestellt gi sinn. Anerersäits kënn dobäi, dass den IVV dat eenzegt qualifizéiert Kontrollorgan fir d'Qualitéit vum Wäin hei zu Lëtzebuerg ass an Europa den Numm genéisst, eent vun deene strengste Kontrollorganer ze sinn. Mir kënne frou sinn, esou ee performant staatlécht Organ ze hunn, dat

zouverlässlech ass, esouwuel fir de Konsument wéi och fir de Wënzer.

Mat der Réorganisatioun vum dem Institut viti-vinicole gëtt jo och d'Personal vun der Marque nationale an de Kader vun deem Institut integréiert. Wat d'Integratioun vum Personal vun der Marque nationale an dat Institut ubelaangt, kann ech mech nëmme de Wieder vu menge Virriedner uschléissen. Do kéint ee sech wierklech d'Fro stellen, ob ee sech net hätten kënnen iwwerleeë fir deene puer Leit, déi aus der Marque nationale kommen, wéi dat jo bei aneren de Fall war, de Statut vum Fonctionnaire ze ginn. Ech sinn iwwerzecht, dass d'Betrisklima doduerch net schlechter gi wär.

Fir déi verschidde Missiounen vum Institut besser ze cibléieren, ass d'Ziel vun de Sektionen am Institut vergréissert ginn, wéi de Rapporteur dat och scho gesot huet, wat menger Meinung no zu enger méi kloerer Strukturatioun bäidréit. Esou wäert an Zukunft eng Sektion fir d'Viticulture, eng Sektion fir d'Oenologie an d'Vinificatioun, fir d'Kontroll vun de Wäiner an den nationalen an internationale Produkter, eng Sektion fir d'Relations extérieures an de Marché commun, a schlusslech eng Sektion vun der Marque nationale du vin, des vins mousseux et des crémants de Luxembourg geschaf ginn.

Déi nei Struktur soll et dann erlaben, dass d'Wënzer an hire Produktiounen nach méi ënnerstëtzt ginn, andeems hinne Produktionsmethoden no bruecht ginn, déi nach méi den Ëmweltkritäre Rechnung droen an och eis Natur an hir Landschaft besser schützen kënnen. Et ass genau dat wat d'Produktioun vu Qualitätswäiner ausmécht a wat um kommunautaire Plang a bei eis zu Lëtzebuerg ugestrieft soll ginn.

Dat ass et och wat et erlabe soll, fir eis Wäiner vun deene Wäiner, déi aus Südamerika, Südafrika an esou weider kommen, kloer ze ënnerscheeden, an dat duerch dat eenzeg Argument wat beim Wäin zielt: Rapport qualité-prix, bei deem déi hallef oder souguer ganz industriell hergestallte Wäiner de Kierzeren zéien an an de Regaler vun de Supermarché leie bleiwen, wou se eigentlech och higehéieren.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vu grousser Wichtigkeet, an do sinn ech och d'accord mat der Chambre d'Agriculture, dass den IVV eng maassgeblech Roll spillt, fir eng optimal Exploitatioun vun eise Wäiner an hirem Terroir unzestriewen. Et ass effektiv wichteg Buedemprouwen ze maachen, nei Riefzorten esouwéi nei Methode vum Ubau auszekundschaften. D'Konscht läit dodra fir Drauwenzorten ze hunn, déi en héich qualitative Wäin erginn an déi d'Caractéristique vun eisem Terroir ënnersträchen.

Et läit natierlech dann och no fir mat auslännesche Centres de recherche zesummen ze schaffen, fir dann déi nei Erkenntnisser bei eis uwennen ze kënnen. Well et fir een eenzelnen net finanziell machbar ass, soll ee sech dofir och net scheie fir déi Flächen, déi dem IVV zur Verfügung stinn, ze notzen, fir Versich duerch ze zéien, wat jo och säit jeeher gemaach gëtt.

Selbstverständlech ass a bleift eng vun den Haaptmissiounen vum Institut viti-vinicole dem Wënzer beim Wäibau mat Rot an Dot zur Säit ze stoën. Gläichzäitig müssen och den Herausforderungen, déi sech um Niveau vun der Ëmwelt stellen, Suerg gedroe ginn.

Ech menge behaupten ze kënnen, dass déi Pisten, déi ech elo opgezeecht hunn, och déi jonk Wënzer interesséieren a virun allem motivéieren, hirem haarden awer

schéinen Handwierk nozegoen. Si ginn net eleng gelooss, wa se no neie Weeër sichen, fir en héich qualitative Wäin ze produzéieren.

Den IVV ass bekannt fir seng Fachkenntnis a fir déi engagéiert Leit, déi do schaffen. D'Zesummeschaffen tëscht de Wënzer an de Spezialiste vum IVV ka menger Meinung no nëmme positiv sinn, fir dem Lëtzebuerger Wäin an Europa an am Rescht vun der Welt déi Plaz ze verschafen, déi e sécherlech verdéngt.

Här President, ech wëll zum Schloss nach zwou Saachen ënnersträchen.

Éischtens: Et ass a bleift, dass de Lëtzebuerger Wäin e Gesamtkonzept brauch, wat vun der Produktioun iwwert d'Promotioun bis hin zum Verkauf geet.

Zweetens: Mir müssen e Gesamtprodukt ubidden, wat aus dräi Komponente besteet: der Region, hirem Wäin an hirem Gastronomie.

Et ass genau bei deenen zwee Punkten, wou den Institut viti-vinicole eng ganz wichteg Roll spillt. Dofir ass dat hei, an do sinn ech net d'accord mat mengem Virriedner, e wichtege Projet de loi, och fir Leit déi kee Wäin drénken, oder wou keng Wéngerte wuessen, Här Scheuer.

(Interruption)

Dir hutt geschwat, wéi wann Dir géingt eppes dervu kennen.

(Hilarité)

M. Jos Scheuer (LSAP).- Neen. Dir wäert dach net u menge Kompetenzen am Wäindrénken zweifelen?

M. Jeannot Belling (DP).- Här President, ech huele meng Wieder un de Bacchusbrouder Jos Scheuer zréck.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mir fannen, dass dee Projet de loi hei ganz gutt ass, a mäi Fraktiounschef huet zu mer gesot, ech soll mat Houfert soen, dass meng Fraktioun dëse Projet de loi total dréit. Weider soen ech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Belling. Als nächste Riedner huet den Här Mehlen d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, wann de Lëtzebuerger Wäibau esou zolidd gestäipt gëtt, da kann am Fong geholl net vill schif goen. Trotzdeem wëll ech mer erlaben e puer Wuert zu dësem Projet ze soen.

Am Rapport gëtt gesot, a mat Recht, dass d'Missiounen an d'Strukture vum Institut viti-vinicole haaptsächlech vun dësem Projet betraff sinn. Genau dat, Här President, ass och den Objet vun der Etüd Pricewaterhouse gewiescht, iwwert déi mer scho méi wéi eng Kéier hei geschwat hunn, iwwert déi ech virun engem gudde Joer, aner hallwem Joer eng Interpellatioun hei hat, déi relativ ergebnislos ausgaangen ass, oder wann een dat Resultat, wat mir elo virun eis leien hunn, als Resultat vun där Interpellatioun gesäit, dann ass et relativ e moert Resultat. Et kéint een dat zesumme faassen am Saz: „Und der Berg gebar eine Maus“. Et huet ee wierklech d'Impressioun, dass d'Regierung Angscht virun hirem eegene Courage huet.

De Kolleg Scheuer huet schonn hei a mat Recht drop higewisen, dass de Conseil d'Etat net mat Kritik gespuert huet, an ech kommen och net derlaanscht e puer Sätz vum Conseil d'Etat ze zitieren, fir dat ze ënnermauern.

(Interruption)

Dat hei ass net just datselwecht. „Le Conseil d'Etat regrette que cette importante étude pour le secteur viticole luxembourgeois n'ait pas eu d'autre écho dans le projet sous examen. En effet, l'analyse critique effectuée de l'organisation et du fonctionnement actuels de la viti-

culture sur les plans professionnel et administratif a conduit à la proposition de réorganiser en profondeur les structures interprofessionnelles et de redéfinir le rôle de l'Institut. Il faut déplorer que l'exposé des motifs omette de commenter autrement cette étude, et présente sans autre lien avec celle-ci un projet de réaménagement partiel du cadre de l'Institut viti-vinicole.“

Dee Saz duerno huet den Här Scheuer schonn zitéiert. Dofir wëll ech lech deen dann erspueren.

Här President, ech kommen dofir net derlaanscht fir mech där Kritik unzeschléissen. Mir musse feststellen, datt d'Haaptursach vun dësem Projet de loi dra läit, datt de Fonds viticole e Finanzéierungsproublem huet, deen an eiser Gesetzgebung verankert ass, a wou d'Noutwendegkeet besteet datt mer méi Suen an dee Fong kréien, fir datt d'Participatioun vum Stat och kann eropgoen. Dofir huet d'Regierung, andeem se laang nogeduecht hat, eng Léisung fonnt, an zwar déi fir dann d'Personal, wou keen eppes dogéint huet, vun der Marque nationale dohinner ze huele wou et higehéiert, nämlech bei de Stat, an dat Geld wat erakomm ass, wat bis elo gréissten-deels zur Finanzéierung vun der Marque nationale gebraucht ginn ass, wat iwwert d'Colleretten erakomm, dann elo kënnen an de Fonds de Solidarité viticole ze iwwerhuelen, fir domadder d'Promotioun ze finanzéieren.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Eng gutt Iddi, Här Mehlen, oder net? Et kann net jiddereen dorop kommen!

M. Robert Mehlen (ADR).- Wann Der dat esou agencéiert hutt, dann ass dat emol een Ëmwee gewiescht fir dee Problem deelweis ze léisen. Mir als ADR hätten natierlech léiwer gehat, wéi ech et och schonn a menger Interpellatioun gesot hunn, wann eng grëndlech Strukturreform komm wär, wéi Pricewaterhouse se virgezeechent hat.

Et gëtt sech elo ëmmer op den Echech beruff, deen am Ënnere vun de Wënzerorganisatiounen stattfonnt huet, wou si sech net eens gi sinn. Si si sech ganz sécher net oneens driwwer gewiescht, datt ee misst eng gemeinsam Approche hu fir Marketing ze maachen, datt mer eis Efforten an deem Secteur och misste verstärken.

Mir wëssen datt d'Problemer op engem anere Gebitt louchen, Här Minister, an Dir kennt och meng Attitud dozou. Et kann een natierlech soen, gitt lech eens, a wann Der lech net eens gitt, dann intervéieren ech, an da kucke mer datt mer iergendwéi dann awer eng Solutioun fannen, wéi mer se elo fonnt hunn. Et kann een awer och soen, neen, kommt mir maachen Neel mat Käpp. Mir schafe wierklech e gesetzlechen a reglementaresche Kader, fir datt et funktionéiere muss. An Dir wësst ganz genee, ech hunn dat och schonn op anere Plaze gesot, mir haten an der Landwirtschaft viru Joren eng Situatioun déi vill méi schlëmm war wéi déi, déi mer elo op der Musel hunn, déi Antagonismen tëscht verschiddenen Organisatiounen an der Landwirtschaft, wou och jidderee gesot huet, dat do ka sengerliwien näischt ginn, bis datt d'Regierung op eng Kéier de Courage hat, an deemools hat se de Courage, fir ze soen, da maache mer elo eng Chambre d'Agriculture, déi zënter dem leschte Krich net méi funktionéiert huet, dat heescht, déi der Bauerenzentral deemools iwwerdroe war, und man siehe und staune, et huet geklappt.

Effektiv, de Wieler huet geschwat. Déi Leit, déi an d'Chambre d'Agriculture gewielt gi sinn, ware forcéiert sech an deem Kader, deen de Gesetzgeber geschaaft hat, zesummen ze setzen an zesummen ze schaffen, a se schaffen och haut nach zesummen, a se wäerten och

an Zukunft nach zesumme schaf-fen.

Esou hätt een et och hei menger Meenung no kënnen ugoen, well et ass jo net datt déi Leit elo absolut net matenee kënnten, dat beweise se jo och elo. Mä effektiv hätt d'Regierung missen e reglementaresche Kader, e gesetzleche Kader schafen, fir datt et hätt kënn funktionéieren. Dat ass den Haaptreproche, dee mir an dësem Zesummenhank maachen.

Ech wollt dann op e puer Aspekter vum Gesetz agoen. Wann een elo kuckt wat d'Missioun sinn, déi jo e bësselchen ausgeweit si ginn, da fanne mer, an do huet de Statsrot och eng Remarque dozou gemaach, ob dat noutwendeg wär: „de fournir aux viticulteurs des plants et greffons de vignes sélectionnées“. Et gëtt eng ganz Partie Wënzer déi soen, dat wär net néideg, si könnte sech déi selbstverständlech anerwäerts verschafen a si géingen dat och maachen.

Ech hat gefrot fir den Institut emol eng Kéier besichen ze goen, fir datt mer wirklech an der Praxis geséiche wat do geschafft gëtt, wat sënnvoll wär, well wann ee schonns esou eng Reform mécht, da géing ech mengen, da sollt ee wirklech déi och am Fong maachen an och dat vun ennen erop opschaffen.

Elo solle mer dann, wann d'Gesetz gestëmmt ass, dohinner kucke goen. Ech apprécieieren dat an ech freë mech och op déi Visite.

(Interruption)

Dann ass dat dann als Préparation op déi nächst Reform vläicht ze verstoen.

Dat zweet, doriwwer kann een diskutéieren: „d'orienter, d'organiser et de surveiller la lutte rationnelle contre les ennemis de la vigne du règne animal et végétal“. Ech weess net ob d'Organisation vun där Lutte onbedéngt misst an der Missioun vum Institut viti-vinicole leien, well dat jo awer meeschtens an den Hänn vun de Wënzer läit, a wou jo unzehuelen ass, datt si et um genosseschaftleche Gebitt bis elo gutt fäerdeg bruecht hu fir dat ze organiséieren. Dat soll orientéiert ginn an dat soll surveilléiert ginn, do hunn ech kee Problem domat.

An dann nach: „d'assurer l'exploitation des vignobles de démonstration“. Do ginn d'Meenungen, esou wäit wéi ech et héieren hunn, an de Wënzerkreiser och auserneen. Dofir hätt et mech schonn interesséiert fir gewuer ze ginn, wat da genau do geschafft gëtt, wat Sënn mécht hei um Lëtzebuurger Territoire a wat mer eventuell besser kënnten a Kooperatioun, déi mer souwisou hunn, mat anere maachen, dat ëmmer virun Ae fir den Denier public esou effikass wéi méiglech anzesetzen. Do ka jo och keen, deem de Secteur um Häerz läit, eppes dergéint hunn.

Dann, an do sinn och meng Virriedner schonn drop agaangen, d'Cours de formation. Do huet de Statsrot drop higewisen, datt e bësselchen Duercherneen an deem Secteur ass, well jidderee fir sech reklaméiert där Coursen ze maachen. Ech hunn awer keng Schwierigkeet domat, well et ganz spezifesch ass, datt den Institut viti-vinicole doranner soll am Accord mam Ministère vun der Educatioun eppes ënnerhuelen, a selbstverständlech, denken ech, och an Ofstëmmung mat der Chambre d'Agriculture, déi eigentlech domat chargéiert ass, fir déi ganz Vulgarisation ze organiséieren.

An deem Zesummenhank wollt ech een Aspekt nach ervirsträichen, deem d'Chambre d'Agriculture och an hirem Avis ugesprach huet, an dat ass datt mer angesichts där internationaler Konkurrenz, déi jo extrem schaarf ass an déi eis onheemlech hei ze schafen deet, keng aner Chance hunn um fräie Maart wéi mat eisem Wäin, mat sengem onverwieselbare Charak-

ter, dat wat mer normalerweis ënert Typicitéit verstinn, musse probéieren nees um Maart ze implanteréieren, mat engem Produkt wat onverwieselbar ass, wat de Client apprécieiert a wou en och net bereet ass oder net esou llicht bereet ass op en anert Produkt iwwerzegoen. D'Chambre d'Agriculture schreift: „Ce dispositif des appellations d'origine s'avère plus que jamais d'actualité pour répondre aux exigences des consommateurs. Or le fondement de l'édifice d'une appellation contrôlée est le terroir qui s'applique à tous les facteurs naturels d'une région viticole délimitée: le climat, la topographie, la nature du sol et du sous-sol subtilement combinés au savoir-faire du vigneron.“

Ech mengen, et ass an der Zukunft wirklech eng vun den Hauptmissionen vum Institut fir do mat ze hëllefen, fir wirklech dat ze developéieren a fir de Lëtzebuurger Wäin, esouwuel hei am Land wéi och op den Auslandsmaert mat senger Typicitéit, déi effektiv onverwieselbar ass an déi ee mat kengem aneren Terroir ronderëm an och méi wäit ka verwiesselen, firdeen Atout esou wäit wéi méiglech ze valoriséieren an auszespillen.

Här President, ech wëll net op déi Personalstruktureform agoen. Meng Virriedner hunn dat gemaach, a mir kënnen dat matdroen, datt déi Leit vum Stat iwwerholl ginn. Mir sinn am Prinzip mat den Objektiv vum Gesetz d'accord, virun allem och well domadderdeen ee Problem vun der Finanzéierung vun der Promotioun zum Deel geléist gëtt. Mir bedauern awer, ech widderhuelen dat nach eng Kéier, datt hei e bësse kuerz getréppelt ginn ass, datt erëm eng Kéier verpasst ginn ass fir eng grouss kohärent Strukturreform, déi alles ëmfaasst hätt, bis hin zur Formation vum Consommateur, wat en immens wichtige Volet ass, datt erëm eng Kéier den Zuch verpasst ginn ass, datt mer, wann een an der Pricewaterhouse-Etüd kuckt wat fir eng Échance do opgestallt gi war, dann hu mer e fierchterleche Retard kritt, erëm eng Kéier Zäitverloscht mussen a Kaf huelen. Zäit ass Geld, Här President, an dat Geld, dat verspillt mer och dës Kéier erëm eng Kéier. Dofir, obscho mer mat den Dispositionne vum Gesetz d'accord sinn, muss ech soen, gesi mer eis leider genéidegt, eis bei dësem Projet ze enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Domat wieren d'Interventionen vun deenen eenzelen Fraktionssprecher ofgeschloss an ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et besteet Eestëmmegkeet hei an der Chamber doriwwer, datt d'Produktioun vu Qualitéit, vun Typicitéit a Variétéit deen eenzeg richtege Wee ass fir de Lëtzebuurger Wäibau. An ech mengen et ass och unerkannt, datt eis Wënzer an de leschte Joren et net verfeelt hu fir Qualitéit ze produzéieren, souwuel bei de stëlle Wäiner wéi och beim Crémant, dee jo eng Erfolgsstory ginn ass, an datt och versicht ginn ass fir Nischeprodukter ze schafen, wéi de Pinot noir an och Vendanges tardives, Vin de paille, Vin de glace, Vins élevés en barrique, an alleguer dës Produkter kennen ouni Zweifel eng grouss Nofro. A wann hei scho vum Wäibauinstitut geschwat gëtt, esou muss een och deene Leit, déi zënter 25 Joer doranner geschafft hunn, merci soe fir déi Aarbecht déi se geleescht hunn, an dat am Dëngscht vum Lëtzebuurger Wäibau, am Dëngscht vun de Wënzer a Wënzerrinnen. A wann dës Fortschritter gemaach gi sinn am Lëtzebuurger Wäibau, huet ouni Zweifel den Institut heiansdo dobäi eng Virreider-

roll gespillt oder awer eng kräfteg Hëllefstellung gelescht.

De Wäibauinstitut huet am Laf vun der Zäit, an ech mengen et ass och schonn hei gesot ginn, nei Aufgabekritt. En ass och ëmmer méi aus enger praktescher Hëllefstellung zu enger Administratioun ginn, an déi administrativ Aufgaben hu sech am Laf vun der Zäit ganz staark ausgeweit a sinn och méi grouss ginn. An dësen neie Projet de loi soll ebe versichen, déi heiteg Missionen an Aufgabegebitter vum Institut ze definéieren an och eng Kaderreform ze maachen, déi et erméiglecht datt den Institut dësen neien Aufgaben, dësen neie Missionen ka gerecht ginn. Dofir gëtt versicht fir am Kader vun där Reform Posten, déi haut net méi den neie Missionen an Aufgabe vum Institut gerecht ginn, net méi ze ersetzen, an datt dës Poste kompenséiert ginn duerch aner Carriären, déi ebe wéi gesot deenen neien Aufgabe kënn besser gerecht ginn.

An den Text vum Gesetz, an et ass jo vum Rapporteur Nicolas Strotz, deem ech merci soe fir säin ausgezeechente Rapport, drop higewise ginn, datt de Personalkader hei méiglech flexibel gehale gëtt, datt an alle Carrière keng Begrenzung vun der Zuel vu Poste méi do ass, an datt am Kader vum Numerus clausus, wa Besoinen do sinn, kann also Personal opgestockt ginn, jee no Bedarf. Et sinn och verschidde Carriären opgebessert gi wéi déi zum Beispill vum Assistant technique viticole, wou méi Fachwësse verlaangt ass, wou och méi héich Uspréch un d'Formation sinn.

Déi administrativ Aarbechte vum Wäibauinstitut, ech hunn drop higewisen, si ganz staark gewuess, well eben ëmmer méi staark och d'Wäibaupolitik higaangen ass an d'Richtung vun der Nohaltigkeet, an d'Richtung vun der multifunktioneller Roll vun de Wënzer, déi also och niewent hirer Aarbecht oder duerch hir Aarbecht am Wëngert net nëmmen dozou bäihëllefen an och gudde Wäin kréien, mä och eis Landschaft erhalen an d'Liewen op der Musel méi vital gestalten.

Mir hunn also nei Primen agefouert, wéi d'Landschaftspflegeprime, besonnesch och an der Lescht fir ze versichen, fir dass besonnesch d'Häng an d'Steillage solle weider bewirtschaft ginn, dofir hu mer där Primen agefouert. Mir hunn d'Wënzer encouragéiert fir hir Wëngerten ëmzestrukturéieren, ze reconvertéieren. Dat ass mat Primë verbundene gi fir se ze encouragéieren, dat ze maachen.

De Kadaster an de Casier viticole ginn integréiert an de ganze Système intégré de contrôle et de gestion, sou datt, wéi an der Landwirtschaft, all Joer esou ëm den 1. Mee e Recensement duerchgefouert gëtt. Dës Donnéeë ginn dann no hirer Saisie an der Kontroll an den SER transferéiert a si deelen also d'Datebank fir sämtlech Primë fir d'Subsiden nom Kader vum Agrargesetz fir d'Berechnung vun de Cotisations bei de Sozialversicherungen, an déi nämlech Donnéeën dëngen och fir statistesch Zwecker op nationalem an op internationalem Plang, fir d'Berechnung vu Rendements à l'hectare a fir d'Kontroll vum Wäibauprimeter.

Dir gesidd also, duerch all déi doten Neierungen ass ouni Zweifel déi administrativ Aarbecht vun dem Wäibauinstitut méi grouss ginn, si wäert och nach weider ginn, an dofir ass et wéi gesot néideg, datt mer heiansdo Leit kréie fir déi Aarbechten do ze bewältegen an déi och déi néideg Formationen dofir hunn.

Wat d'Wäikontroll ubelaangt, do sinn och ouni Zweifel nei Aufgaben op den Institut zoukomm. Si mussen dofir suergen, datt déi inlännesch, awer och virun allem déi auslännesch Wäiner richteg etiketéiert sinn, datt d'Herkunftsbezeichnung och déi richteg ass. Et muss gekuckt ginn ob Réckstänn am Wäin sinn, déi gesondheetschiedlech sinn oder net. Dat ass verlaangt am Kader vun de Bestëmmungen am Anhale vun der Sécurité alimentaire. Et gëtt gekuckt ob déi Wäiner, wa se ugerechent ginn, ob dat richteg gemaach gëtt. Den Traitement oenologique gëtt iwwerwaacht, an do ass wéi gesot eng Aufgab, déi ëmmer méi ausgepräegt ginn ass, an dat ass och vun deene Leit am IVV ze maachen.

Wat elo d'EU-Reglementéierung ubelaangt, wësst Der datt do och 2000 eng nei Direktiv komm ass, déi muss ëmgesat ginn an national Reglementer. Gott sei Dank, géif ech soen, well d'national Reglementer et erlaben eise spezifische Gegebenheete méi staark Rechnung ze droen, mä och dat gëtt am Institut vibereet. Iwwerhaupt, d'Ëmsetzung an d'Kontroll vun EU-Réglementatiounen ass och ëmmer méi eng wichteg Aufgab vum IVV ginn.

Dann ass versicht gi fir, am Kader vun de Propositionen, déi an der Pricewaterhouse-Etüd gemaach gi sinn, de Labo vum IVV komplett ze moderniséieren. Doduerch ass eng wichtig Viraussetzung geschaaft gi fir de Wënzer, fir kënnen am Kader vum Wäinausbau méi schnell Resultater ze liwweren, hinnen eng besser a méi effikass Berodung kënnen ze leeschten, an eleng beim Wäinausbau sinn am leschte Joer 15.109 Analyse fir d'Wënzer duerchgefouert ginn a Berodunge gemaach ginn. Bei dës Analyse kommen nach ronn 12.000 obligatoreschen Analysen am Kader vun der Kontroll vum Moscht fir d'Ustellung an d'Marque nationale fir d'Präsentation bei Concoursë fir Exportwäiner, an dofir gëtt och am Kader vun dësem Gesetz eng Person, déi elo iwwergangsméisseg als Ouvrière am Labo agestallt war, fonctionariséiert an an d'Carrière vum Expéditionnaire technique iwwerholl.

Dir wësst och datt mer Efforte maache fir d'Accréditation vum Labo esou schnell wéi méiglech ze kréien. D'Viraarbechte sinn an d'Wee geleet ginn. Dat bréngt natierlech och zousätzlech Aarbecht am Labo, dat bréngt Dokumentationsaarbecht, déi virdrun net an deem Mooss virgeschriwwen war. Et kënnt all Joer en Audit dee gemaach gëtt. Also och do muss qualifizéiert Personal am Labo schaffen.

Da wäerten ouni Zweifel am Beräich vun neien Ubaumethoden, vun neien oenologeschen Verfahren, am Beräich vun der Vermarktung, och nei Aufgaben op den IVV zoukommen. Dir wësst datt am Kader vum OIV, fir dee jo d'lescht Woch den Accord vun der Chamber komm ass, do gëtt jo gekuckt wat fir nei Entwécklungen, wat fir eng Forschungsresultater weltwäit geschéien an dësen Domänen. Mir müssen dat kënn verfolgegen, an dann och hei zu Lëtzebuerg probéieren fir ze kucken, a praktesche Versuchsaktivitéiten, nei Ubaumethoden, nei oenologesch Verfahren an eiser Region mat hire klimateschen, natierleche Bedéngungen auszuprobéieren. Hei geet et drëm fir an eisem Gebitt méiglech qualitativ héichwäertegt Drauwematerial, an och fir eist Gebitt géeeget nei Drauwenzorten, zum Beispill och roude Wäin, produzéieren ze kënnen.

Och muss versicht gi beim Wäinausbau déi neisten önologesch Verfahren auszuprobéieren. Wéi gesot, do huet de Wäibauinstitut oft eng wichteg Virreideroll ze spillen, fir ze kucken datt eis Wënzer déi néideg Berodung kréien, déi néideg spezifesch Schulung kréien, fir dëst och kënnen de Wënzer ze

verméttelen, an dat ass ee vun de Grënn wuerfir mer virgesinn hunn, datt am IVV soll en Önolog agestallt ginn. Deen Önolog ass natierlech net nëmmen do fir Wäinausbauversucher am Keller ze maachen, mä dee muss och, wéi dat vun der Chambre d'Agriculture jo gefrot ginn ass, de Wënzer am Wëngert beroden, well mer jo alleguerte wëssen, dass d'Qualitéit vun eisem Wäin am Wëngert ugeet.

Da sinn an der leschter Zäit ganz vill Efforte gemaach gi fir méi ëmweltfrëndlech Ubaumethoden ze fördern, an och do ass d'Berodung, d'Weiderbildung vun de Wënzer wichteg. Dat ass och weiderhin eng Aufgab vun dem IVV.

Dann huet den Här Scheuer geschwat iwwert déi ekonomesch Berodung vun eise Wënzer.

(Interruption)

Bis elo net, neen?

Do sinn zwee Servicer, d'Agrigestion an de Service d'économie rurale, déi maachen d'Kontabilitéiten, an et ass ganz evident dass de Wäibauinstitut mat dëse Servicer soll enk zesummeschaffen, fir d'Resultater vun der Buchführung a puncto Akommes genee ze analyséieren, an och ze kucken doraus déi richteg Schlëss ze zéien an de Wënzer Berodungen ze ginn. Menger Meenung no ass et e Problem, dass mer iwwert d'Präisser vun de Wäiprodukter et ëmmer méi schwéier kréie fir méi en héicht Akommes de Wënzer ze assuréieren. Dofir muss ee kucken an enger déifgräifender Käschenanalys an de Buchführungsbetriber, wou sinn nach eventuell verstoppten Akommesreserven a wat kann ee maachen, fir iwwert dës verstoppten Akommesreserven awer d'Akommes vun de Wënzer ze verbesseren. Ech mengen do ass eng Berodung ouni Zweifel wichteg. Do muss, an dat wëll ech ënnersträichen, den IVV mat der Agrigestion a mat dem Service d'économie rurale enk zesummeschaffen.

Wat d'Marque nationale ubelaangt, vun där jo hei méi oft geschwat ginn ass, mengen ech wësse mer och alleguerten, dass do de Wäibauinstitut ëmmer eng ganz wichteg Aufgab a Roll ze iwwerhuelen hat. Den Direkter vum Wäibauinstitut war ëmmer de President vun der Marque nationale. Hien ass dobäi assistéiert gi vun dem Wäikontroller. Am Labo vum Institut ginn déi virgeschriwwen Analyse fir d'Wäiner gemaach an den Institut waacht doriwwer, dass déi gesetzlech Virschreft vum der Marque nationale och agehale ginn.

Well also den IVV esou eng wichteg Aufgab an deem Kader ze spillen huet, ass et net anormal, dass och d'Personal vun der Marque nationale ganz vum Stat iwwerholl gëtt, wéi dat hei iwwrengs och bei anere Produkter beim Label vun der Marque nationale de Fall ass. Den Här Scheuer, ech mengen och den Här Belling, hunn d'Fro gestallt, ob een net hätt kënnen déi Leit fonctionariséieren.

Ech wëll just soen, dass dat net gescheitert ass, an ech hunn lech dat och an der Kommissioun gesot gehat, un dem Agrar- a Wäibauminister. An eisem éischten Avantprojet hate mer dat virgesinn, mä d'Regierung huet gesot déi Fonctionarisatioun wär net an deem Mooss méiglech. Ech mengen, ech hat der Kommissioun dat d'ailleurs och schonn eng Kéier matgedeelt.

M. le Président.- Här Minister, ech wollt lech och nach eng Kéier op d'Riedezäit hiweisen, déi mir eis gesat hunn.

(Interruptions)

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Entschëllegt, Här President.

Et ass och drop higewise ginn, dass duerch klug Iwwerleeungen déi Suen, déi agespuert gi bei der

Marque nationale, andeem dass mer d'Personal vum Stat iwwerhuelen, dass déi kënnen eriwuergeen an de Fonds de solidarité fir Werbe- a fir Marketingzwecker, ouni dass dobäi fir de Produzent de Präis vun der Collette méi deier gëtt. Do kommen also méi Sue fir Werbung a Promotioun fir de Lëtzebuerger Wäin ze maachen an der neier Commission de promotions dobäi fir d'Lëtzebuerger Wäiner a Crémanten.

An der Marque nationale sinn iwwerengs, dat wëll ech och deene Leit soen, déi maache wéi wann näischt geschitt wär, sécher Reformen duerchgefouert ginn. Ech mengen, Dir wësst dat allegueren. Mir hu schonn hei doriwwer geschwat. Et steet effektiv eng grouss Reform vun der Marque nationale nach an d'Haus. Ech hunn ëmmer gesot, dass et mäin Zil wär fir d'Reform vun der Marque nationale nach weiderzeféieren, an datt nient den analyteschen an organolepteschen Tester och zousätzlech Kritäre missten agefouert gi fir gewësse Mentiounen.

Mä fir dëst awer kënnen ze maache muss een eng Rei vu Viraarbechte maachen a vu relativ wäitgehenden Etüden an Analysen, wéi zum Beispill d'Warenklassifizierung, wéi zum Beispill den Terroir analyséieren. An hei muss een iwwer méi Jore mikroklimatesch déi natierlech Bedingunge vum Terroir observéieren, analyséieren, dat jährelecht Mostgewicht vun den Drauwe muss festgehale ginn, d'Ofgrenzung vun de Lieuditë muss gemaach ginn an d'Expositioun vum Wéngert huet eng wichteg Bedeitung. A wann dës Analysen eng Kéier fäerdeg sinn, da kann een déi zweet Etapp vun der Reform entaméieren.

Wéi gesot, mir sinn um Wee fir dat weiderzeféieren. De Problem vun der Salle de dégustation ass hei net ugeschwat ginn. Do hu mer mat dem Bauteministère en neie Projet versicht an d'Weeër ze lee-den.

Da wëll ech nach vläicht zwou Minutten hunn, Här President.

(Brouhaha général)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Bei deem Minister, soen ech nach eng Kéier, ass et sinnlo-ses Unterfangen...

M. le Président.- Loosst den Här Minister elo nach déi zwou Minutte schwätzen!

M. Jos Scheuer (LSAP).- D'Riedezäit gëtt festgeluecht vun der Conférence des Présidents. Déi hu kee Verhältnis zu dësem Projet gehat.

M. le Président.- Här Scheuer, kommt mir loossen den Här Minister elo nach schwätzen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Also, ech hätt mech jo konzentréiere kënnen op dat wat am Projet steet, mä vu dass awer eng Partie Leit gesot hunn do wär net esou vill geschitt, a vun der Marque nationale geschwat hunn, vun der Pricewaterhouse-Etüd, dunn hunn ech gemengt misst ech awer och e puer Wuert doriwwer soen.

Den Här Scheuer huet sech widersprach, dat wëll ech nach eng Kéier soen.

(Brouhaha général)

An den Här Mehlen mécht dat permanent. Op déi eng Manéier kritiséiere se ëmmer, dass déi Pricewaterhouse-Etüd misst komplett ëmgesat ginn. Op déi aner Manéier hätte se gären, dass de Wäibauinstitut och soll verstärkt ginn. Béides geet net matenaner, well d'Pricewaterhouse-Etüd hätt gären, dass e groussen Deel vun den Aufgabe vum Wäibauinstitut sollte vum Beruff gemaach ginn. Ech hu probéiert fir dat vu Beruffsdeeler maachen ze loossen, dat ass awer

net méiglech gewiescht, well de Beruff sech net do zesummefonnt huet, fir déi Aufgab kënnen ze maachen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dofir hu mer gemengt, dass et emol wichteg wär de Wäibauinstitut ze stäerken, fir dass dee seng Missioun ka besser ausüben. Dat ass de Sënn an den Zweck vun dësem Gesetz. A wann Dir vun engem Gesamtkonzept schwätzt, da muss een emol soen, wat ass dann dat. Da muss een d'Produktioun kucken, ob déi verbessert ginn ass. Ech hunn am Ufank drop higewisen, datt vill Efforte gemaach gi si fir d'Produktioun ze verbesseren, dass d'Agrargesetz, fir d'Produktioun ze verbesseren, dat ënnerstëtzt a stäipt. Dofir ass d'Agrargesetz do. Dofir ass net d'Gesetz iwwert den IVV do. D'Agrargesetz hëlleft d'Produktioun ze verbesseren.

Une voix.- Den IVL.

Une autre voix.- Den IVV.

(Hilarité)

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Wat d'Personal ubelaangt, esou hu mer eng Rei vun deene Propositionen vun der Pricewaterhouse-Etüd ëmgesat, anerer si mer amgaangen ëmzesetzen. Dat verlaangt awer Etüden. Do gi mer also an déi Richtung.

Am drëtten Beräich, wat de Marketing ubelaangt, hunn ech mat vill Efforten d'Wénzer iwwerzeegt, fir op d'mannst déi Commission de propagande do ze maachen. Do ass eng Expertin agestallt ginn. Ech hoffen, dass do dann och eng besser gemeinsam Promotioun gemaach gëtt. Si hunn och vill méi Suen zur Verfügung gestallt kritt fir déi Promotioun do ze maachen. Also ech ginn där Propositionskommission eng gutt Chance, de Marketing vum Lëtzebuerger Wäin...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Den Här Minister wëllt elo Schluss maachen, mä Dir loosst en net. Dir schwätzt an engem Stéck derteschent.

(Hilarité et brouhaha général)

Dir hutt dauernd derteschent geschwat.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- ...am Inland an am Ausland ze verbesseren. Ech si gudder Déng, dass den IVV dobäi wesentlech hëllefe kann. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat heiten e gudder Projet ass, an ech hätt gehofft et géif jiddferen e stëmmen. Ech bedauern, dass den Här Scheuer, ech weess net aus wat fir enge Grënn, an den Här Mehlen en net kënne mat droen.

Merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An Ärer Zäit, déi mer lech geschenkt hunn, maacht Der dem Här Scheuer nach Frechheeten.

(Hilarité)

Dat geet net.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelke vum Projet de loi 5003 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5003.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5003 ass mat 34 Jo-Stëmmen an 23 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mer kommen zur Diskussion vum Projet de loi 5115 iwwert d'Beneluxgesetz vun de Marken. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux-Stehres an den Här Greisen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Schummer.

4. 5115 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet 5115 handelt et sech ëm d'Approbatioun vum Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, deen zu Bréissel den 20. Juni 2002 ënnerschrifft ginn ass.

De Projet ass hei an der Chamber de 4. Abrëll 2003 déposéiert ginn. Den 21. März 2003 ass de Projet dem Conseil d'Etat virgeluecht ginn, an deeselwechte Conseil d'Etat huet säin Avis den 3. Juni 2003 ginn a war och mat deem Projet esou d'accord.

Den 2. Juni 2003 huet d'Kommission mech als Rapporteur genannt an ech ka virausgräifen a soen, dass de Rapport eestëmme vum der Kommission ugeholl ginn ass.

Et geet an dësem Projet drëm d'Direktiv 98/71CE vum 13. Oktober

1998 an eis national Législatioun ze iwwerhuelen. Heimat ginn déi national Législatiounen, déi oft ganz ënnerschiedlech waren, harmoniséiert. Et gëtt och den Titel: „Le dessin ou modèle communautaire“ ageféiert, deen den europäesche Créateurs et méi einfach maache soll, fir Designer iwwert déi national Grenzen eraus europäesch ze schützen.

D'Kritären, déi zréckbehale goufen, sinn d'Nouveautéit an de Caractère individuel. D'maximal Duree vun der Protektioun ass op 25 Joer eropgesat gi vum Dépôt vum Projet un.

Et muss ee soen, dass bis elo wéineg Designer déposéiert sinn. Wann och d'Haaptinteressenten aus der Textilbranche, der Miwwelbranche, der Bijouxbranche an der Branche vun diversen dekorativen Objete kommen, esou war et awer d'Automobilbranche komescherweis, déi d'Diskussionne largement dominéiert huet. Effektiv hat d'Kommission Angscht, dass d'Constructeurs automobiles déi nei europäesch Législatioun géife monopoliséiere fir hir Ersatzstécker ze enregistréieren an esou dee Marché praktesch ze blockéieren.

No véier Joer penibeler Diskussion, ouni dass e Resultat eraus komm ass, ass decidéiert ginn, net op den Automobilersatzstécker ze harmoniséieren, mä den eenzelne Länner eng gewësse Libertéit an där Matière ze iwwerloossen. Dëse Kompromëss gëtt 2004 nach eng Kéier réévaluéiert. Weider Adaptatiounen sinn d'Exklusiv vum Cumul de protection par la LBDM, an d'Protection contre la concurrence déloyale a été supprimée.

Zum Gesetz, wat mer den 19. Juni 2003 hei an der Chamber gestëmmt hunn, d'Modification de la loi uniforme Benelux, ass e Regëster vun de Mandataires agréés agefouert ginn. Vu dass awer nach relativ Schwiereregkeete si fir d'Formatioun an d'Examen vun de Kandidaten, ass decidéiert ginn, dass de Règlement d'exécution eréischt a Kraaft kann treden, wann eng Infrastructure adéquate en place ass.

Voilà, Här President, kuerz de Rapport zu dësem Projet. Ech brénge gleichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun. Wann ee gäre méi Detailler hätt, verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Merci.

M. le Président.- Här Clement, Dir hutt d'Wuert gefrot.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just merci soe fir de schréftleche Rapport an den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, dëse Projet ass ganz schnell duerch d'Institutionne gaangen a mir wëllen de Vote och net ophalen. D'LSAP gëtt hiren Accord zu dësem Gesetz.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, och vun eiser Säit aus e Merci un all déi Leit, déi un deem Projet geschafft hunn. Et ass e rapide Projet. Ech bréngen den Accord vun der Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*.- Här President, well bei deem Projet virdrun iwwerzu gi war, well ech lech Zäit zréck schenken.

Ech soen all deene merci, déi intervenéiert sinn, an hoffen dass dëst

Gesetz wäert d'Unanimitéit maachen.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5115 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5115.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5115 ass mat 56 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Diskussion vum Projet de loi 5143 iwwert den nationale Beschäftigungsplang. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Krieps, Jaerling, Urbany a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

5. 5143 - Projet de loi portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

Rapport de la Commission spéciale „Plan d'action national en faveur de l'emploi“

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleginnen a Kollegen, nodeem Der jo d'Méiglechkeet hat mäi schréftleche Rapport am Detail ze liesen, kann ech mech relativ kuerz faasse fir verschidde Saachen nach ze erläutern, déi vläicht net esou kloer